# EIS GEMENG

Magazine d'information
de la Ville de Rumelange



**N° 8**
10/2026

Sous la responsabilité du Collège des bourgmestre
et échevins de la Ville de Rumelange.

STAD : RËMELENG

# EDITO

## Virwuert vum Buergermeeschter





**LU | Léif Matbiergerinnen a Matbierger,**

Rëmeleng ass eng Stad, déi sech weiderentwéckelt an dobäi hir Identitéit behält. Eng wichteg Prioritéit ass fir eis d'Liewensqualitéit an d'Wuelbefanne vun eise Biergerinnen a Bierger ze stäerken. Dofir investéiere mir och weider an de Sport an an attraktiv Fräizäitméiglechkeeten.

Eisen neiste Projet ass de Calisthenics-Park, deen elo fäerdeg ass. Mat dëser moderner Sportinfrastruktur wëlle mir de Sport an eiser Gemeng fërderen an de Leit eng gratis Méiglechkeet ginn, mat professionellem Material gezilt Kraaft- a Kierpergewiichtstraining ze maachen. Esou schafe mir Plazen, déi Beweegung, Gesondheet a Gemeinschaft verbannen.

Och am Alldag geet et virun: Esou kréie mir zum Beispill een neie Bancomat. Beim Denkmalschutz vun der aler Gendarmerie siche mir ee Kompromiss, datt historescht Ierwe geschützt gëtt, ouni wichtege Raum fir bezuelbar Wunnengen ze blockéieren.

Dat beschte Beispill fir eis lieweg Gemeinschaft war eis Fête des Cultures, den Dag virum Virowend vun Nationalfeierdag. Zesumme mam Trail des Mines an eisem traditionelle „Spill a Spaass" huet dëse Summer gewisen, wéi déif eisen Zesummenhalt verankert ass.

**Henri Haine | Äre Buergermeeschter**

**FR | Chères concitoyennes, chers concitoyens,**

Rumelange est une ville qui évolue tout en préservant son identité. Une de nos priorités majeures est de renforcer la qualité de vie et le bien-être de nos citoyennes et de nos citoyens. C'est pourquoi nous continuons à investir dans le sport et dans des activités de loisirs attrayantes.

Notre projet le plus récent est le parc de calisthénie, qui est désormais finalisé. Grâce à cette infrastructure sportive moderne, nous souhaitons promouvoir le sport dans notre commune et offrir à la population une possibilité gratuite de pratiquer un entraînement ciblé de force et de poids corporel avec du matériel professionnel. Nous créons ainsi des espaces qui allient mouvement, santé et convivialité.

Le quotidien progresse lui aussi : Nous aurons un nouveau distributeur automatique de billets. Concernant la protection du patrimoine de l'ancienne gendarmerie, nous recherchons un compromis afin de préserver notre héritage historique sans pour autant bloquer de l'espace essentiel dédié aux logements abordables.

Le meilleur exemple de notre communauté vivante a été notre Fête des Cultures, célébrée la veille de la veille de la fête nationale. Avec le Trail des Mines et notre traditionnel « Spill a Spaass », cet été a démontré à quel point notre cohésion est profondément ancrée.

**Henri Haine | votre bourgmestre**

**Éditeur**
Collège des bourgmestre et échevins de la Ville de Rumelange
2 place G.-D. Charlotte | L–3710 Rumelange

Tél. : +352 56 31 21 – 1 | www.rumelange.lu
secretariat@rumelange.lu | Stad Rëmeleng
Comité de rédaction : Service de la Culture et des Sports

**Imprimeur**
Imprimerie Reka
Imprimé sur du papier 100 % recyclé.

**© Photos**
Service de la Culture
et des Sports

**Layout & illustrations**

Klima-Bündnis Lëtzebuerg
NaturPakt – Meng Gemeng engagéiert sech
PacteClimat – European Energy Award – Ma commune s'engage pour le climat

# AGENDA

All d'Informatiounen zu den Eventer am Rumelagenda fannt Dir ëmmer op eiser Websäit:
*rumelange.lu/tous-les-evenements*

## **Oktober**/Octobre 2026



**HIERSCHTMOART**
**03.10.2026**
*Samschdeg/Samedi*
Grand-Rue



**SENIOREFEIER**
**13.10.2026**
*Dënschdeg/Mardi*
Centre Culturel



**JOURNÉE DE COMMÉMORATION**
**18.10.2026**
*Sonndeg/Dimanche*
Rumelange



**HALLOWEEN NUETSRALLYE**
**31.10.2026**
*Samschdeg/Samedi*
Centre Culturel

## **November**/Novembre 2026



**MOART**
**06.11.2026**
*Freideg/Vendredi*
Place G.-D. Charlotte



**DAG VUM BAM**
**14.11.2026**
*Samschdeg/Samedi*
Parc Municipal



**WELTMÄNNERDAG**
**19.11.2026**
*Donneschdeg/Jeudi*
Alt Schluechthaus



**FÊTE DES LAURÉATS**
**27.11.2026**
*Freideg/Vendredi*
Centre Culturel



**SELF-DEFENSE COURS FIR FRAEN**
**28.11.2026**
*Samschdeg/Samedi*
Grondschoul Sauerwiss



## **Dezember**/Décembre 2026



**BOARBELENDAG**
**04.12.2026**
*Freideg/Vendredi*
Rumelange



**SPILLSAACHE-SAMMLUNG**
**09.12.2026**
*Mëttwoch/Mercredi*
Al Spuerkeess



**CHRËSCHTMOART**
**11.12.–13.12.2026**
Place G.-D. Charlotte



**SCHOUL-CHRËSCHTMOART**
**14.12.2026**
*Méindeg/Lundi*
Place G.-D. Charlotte



**SUBSIDES SCOLAIRES**
**16.12.2026**
*Mëttwoch/Mercredi*
Centre Culturel



**MAISON RELAIS WANTERMOART**
**18.12.2026**
*Freideg/Vendredi*
Maison Relais

# Helfen Sie mit!
# *Participez et contribuez !*

SICONA Naturschutzsyndikat

## Helfen Sie beim Arten- und Biotopschutz in Ihrer Gemeinde!



Blumenwiesen sind ein Hingucker für Jedermann. Naturnahe Weiher bieten zahlreichen Amphibien, Wasservögeln und aquatischen Pflanzen ein Zuhause. Streuobstwiesen sind für Fledermäuse und den Steinkauz unverzichtbar. All diese Lebensräume sind bedeutende Nahrungsquellen und Rückzugsorte für zahlreiche Insekten und andere Tiere.

Um diese Lebensräume zu erhalten, ist eine angepasste, extensive Bewirtschaftung notwendig. Da sie immer seltener werden, ist eine Wiederherstellung dringend erforderlich. Staatliche Förderprogramme wie der „Klimabonus Mouer a Wiss“ unterstützen diese Bemühungen.



**Sie möchten zur Erhaltung unserer heimischen Pflanzen- und Tierwelt beitragen und besitzen ein Grundstück, das Sie dem Naturschutz zur Verfügung stellen möchten?**

**Das Naturschutzsyndikat SICONA kann Ihnen mit der Finanzierung durch Ihre Gemeinde und des Umweltministeriums kostenlos eine artenreiche Blumenwiese, ein naturnahes Gewässer oder eine Streuobstwiese in der Grünzone anlegen. Melden Sie sich gerne bei uns per E-Mail oder Telefon: administration@sicona.lu - 26 30 36 25**

Weitere Informationen auf sicona.lu

Das Naturschutzsyndikat SICONA besteht aus 44 Mitgliedsgemeinden im Südwesten und Zentrum Luxemburgs. Ziel von SICONA ist die Erhaltung der heimischen Biodiversität. Pflegearbeiten und Renaturierungen von naturnahen Lebensräumen sind Schwerpunkte der Arbeit von SICONA.

## FÊTE DES CULTURES

21.06.2026

Le dimanche 21 juin 2026, nous avons célébré notre Fête des Cultures à Rumelange dans une ambiance chaleureuse et conviviale. Avec une météo magnifique et une excellente musique, nous avons passé une superbe journée placée sous le signe de la diversité, du partage et de la bonne humeur.

La Ville de Rumelange tient à remercier chaleureusement toutes les personnes qui ont participé à cette belle journée et qui ont contribué à en faire un véritable succès.

Un grand merci également à toutes les associations et à tous les clubs, ainsi qu'aux musiciens, aux techniciens et aux agents de la Ville de Rumelange. Sans leur engagement, leur travail et leur dévouement, cet événement n'aurait pas été possible.

Merci à toutes et à tous et rendez-vous l'année prochaine !
















## TRAIL DES MINES

28.06.2026

De 28. Juni 2026 huet zu Rëmeleng déi 4. Editioun vum Smartform Trail des Mines stattfonnt. D'Stad Rëmeleng war frou, dës aussergewéinlech sportlech Manifestatioun och dëst Joer ënnerstëtzen ze kënnen.

D'Participantë konnten tëscht zwou Strecken, 14 km oder 20 km, wielen. Déi lescht dräi Kilometer vun der Course hunn duerch d'Rëmelenger Minn gefouert an de Leeferinnen a Leefer domat eng ganz besonnesch an eenzegaarteg Erfarung gebueden. De Smartform Trail des Mines huet domat och bei senger 4. Editioun seng ganz besonnesch Kombinatioun aus Sport, Natur an dem industriellen Ierwen vu Rëmeleng ënner Beweis gestallt.

D'Stad Rëmeleng seet all de Participanten, den Organisateuren, de Benevollen an alle Partner e grousse Merci fir hiren Engagement an hire Bäitrag zu dëser gelongener Editioun.





# VIROWEND NATIONALFEIERDAG

22.06.2026

Den Nationalfeierdag zu Rëmeleng war och dëst Joer erëm e grousse Succès. Et huet eis besonnesch gefreet, esou vill Leit begréissen ze däerfen. Trotz de ganz héijen Temperaturen hutt Dir d'Stänn gefëllt a fir eng aussergewéinlech flott Ambiance gesuergt.

Fir de musikalesche Kader hunn eis Kënschtler mat vill Engagement gesuergt an de Festowend perfekt begleet. E grousse Merci geet un all déi, déi mat hirem Asaz dozou bäigedroen hunn.

Nodeems d'lescht Joer d'Fassad vum Stadhaus mat enger beandrockender Show am Mëttelpunkt stoung, gouf dëst Joer de Festowend mat engem Freedefeier ofgeronnt, dat den Himmel iwwer Rëmeleng zum liichte bruecht huet.

E grousse Merci geet un all d'Veräiner, d'Fräiwëlleger, d'Techniker, d'Sécherheetsdéngschter, eis Servicer an natierlech un all d'Visiteuren. Dir all hutt dozou bäigedroen, datt dësen Nationalfeierdag zu engem gelongene Fest fir eis Stad ginn ass.

Vive de Grand-Duc! Vive Lëtzebuerg! Vive Rëmeleng!















# INAUGURATION BUERFÉISSWEE

06.07.2026

D'Servicer vun der Stad Rëmeleng hunn a gudder Zesummenaarbecht mat der Schoul dëse flotte Buerféisswee am Schoulgaart realiséiert.

De Buerféisswee ass eng Beräicherung fir de Schoulgaart a bitt de Kanner en zousätzleche Raum – kreativ, léierräich an no un der Natur.

Merci un all déi, déi un der Ëmsetzung vun dësem Projet matgeschafft hunn!







# TOURNOI DE BASKET 3X3

11.07.2026

Une belle journée de basket à Rumelange !

Nous pouvons nous réjouir d'avoir vécu une magnifique journée placée sous le signe du sport, avec des matchs passionnants, beaucoup d'engagement et une excellente ambiance.

Un grand merci à l'équipe de Follow Through, avec qui nous avons organisé ce tournoi de basket 3x3. Merci également à tous les joueurs, aux artistes, aux prestataires, ainsi qu'à toutes les personnes qui, malgré les fortes chaleurs, se sont rendues sur la place de l'Hôtel de Ville.

Un moment nous a particulièrement marqué, dès la veille du tournoi : lorsque l'équipe de Follow Through était en train d'installer le terrain, les enfants de Rumelange sont spontanément venus prêter main-forte. Ce petit geste de nos plus jeunes a une nouvelle fois démontré à quel point l'esprit de solidarité est bien vivant dans notre commune.

Merci à toutes celles et à tous ceux qui ont contribué à faire de cette journée un véritable succès. Nous espérons vous retrouver en 2027 pour une deuxième édition !











# OFSCHLOSSFEST SPILL A SPASS

07.08.2026

D'Vakanzenaktivitéiten zu Rëmeleng, déi ganz traditionell ënnert dem Numm „Spill a Spaass" organiséiert ginn, waren och dëst nees Bestanddeel vum Programm hei zu Rëmeleng.

Déi Rëmelenger Kanner konnten hei nei Fréndschafte knäppen, flott Momenter erliewen an dat iwwert zwou ganzer Wochen. Hei stounge verschidden Aktivitéiten um Programm wéi zum Beispill eng Visitt am Beetebuerger Park, een Nuets-Rallye, eng Open-Air Party mat flotte Spiller an esouguer een Ausflug an den Europapark.

Ofgeronnt goufen déi zwou Woche mat engem Ofschlossfest hannert dem Centre Culturel.

Op dëser Plaz seet d'Stad Rëmeleng de Rëmelenger Kanner een décke Merci fir hir Participatioun. Eis Kanner sinn eis Zukunft a genau dofir leeë mir esou vill wäert op een anstännegen Encadrement. Dofir och hei dann alleguerten de Moniteuren, Organisateuren een décke Merci fir hiert Engagement.

Mir freeën eis schonn op dat nächst Joer.











# PROJETS

## Realiséiert Projeten



**De Calisthenics-Park am Parc Municipal zu Rëmeleng ass offiziell ageweit!**

Als Stad Rëmeleng wëlle mir eis Bierger motivéieren, sportlech aktiv ze sinn a sech reegelméisseg ze beweegen. An deem Kader gouf den 19. August, eise Calisthenics-Park offiziell ageweit.

Calisthenics ass eng Form vu Kraafttraining, bei där een haaptsächlech mam eegene Kierpergewiicht schafft. Ob fir e klengen Training tëschenduerch, fir sech fit ze halen oder fir seng eege Grenzen erauszefuerderen – hei ass fir jiddereen eppes dobäi.

Kommt laanscht, probéiert déi nei Installatioun aus a bleift a Beweegung!








**Suivi vun den Aarbechten**

An de leschte Wochen hu verschidden Aarbechten an eise Schoule stattfonnt. An der Spillschoul goufen d'Biedem an den Thermoplastik fäerdeg geluecht, d'Säll nei ugestrach an ageraumt. D'Säll goufe kontrolléiert a gebotzt. An der Primärschoul gouf de Fouss vum Basketskuerf installéiert; de Kuerf an de Fussballsgoal sinn nach ënnerwee. D'Trotinettestänneren si virun der Rentrée installéiert ginn. Och d'Précoce gouf kontrolléiert a gebotzt.

Am Penning sinn déi viischt Diere gewiesselt ginn an de PMR-Lift ass an der Maach.

De Pétanque-Terrain krut neie Splitt, an de Parc Fenderie gouf propper gemaach a geméit.









Un nouveau véhicule destiné à la vidange des poubelles publiques est arrivé. Depuis le 13 août, il est déjà en service.

Le véhicule fonctionne exclusivement à l'électricité, est plus compact et gêne donc moins la circulation. Grâce à sa fonction de basculement, il est également plus ergonomique pour les agents qui l'utilisent.